



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/04/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Immigratioun an Asyl weiderzeleeden.

Laut Gesetz vum 5. Mee 2006 a vum 18. Dezember 2015, huet d'Police d'Recht, fir DPlen ofzetaaschten a Géigestänn ze ënnersichen, déi se bäi sech droen. Am Projet de loi n°5437 stoung als Begrënnung deemools:

"(...) il apparaît qu'au Luxembourg, de plus en plus de demandeurs d'asile se présentent sans être en possession d'un document d'identité quelconque. (...) Or, il est souvent apparu que les demandeurs d'asile cachaient délibérément ces pièces d'identité afin d'éviter un éventuel transfert vers un autre État membre de l'Union européenne, voire d'empêcher un rapatriement ultérieur après la procédure d'asile. Dès lors, il est impératif de prévoir cette possibilité de fouille afin d'endiguer ces abus manifestes."

D'Auteure vum Text hunn also an éischer Linn drop viséiert, fir verstoppe Päss oder Carte d'identitéë bei de Persounen ze fannen.

Laut der Mënscherechtskommissioun an dem Flüchtlingsrot kënn et um Terrain zu Situatiounen, an deenen DPlen ofgetascht ginn an hir Handyen oder Computeren ënnersicht ginn. Deemno géifen d'Policebeamten och deelweis Fotoen oder Text-Messagë vun de Betraffenen duerchforsten.

Mam d'Duerchkucke vun Handyen oder Computere léisst sech vill iwwert Persounen erausfannen, zum Beispill Informatiounen iwwert Hobbyen oder Frënn awer och iwwert d'sexuell Orientéierung an d'Relioun.

Esou Duerchsichunge ginn och an Däitschland gemaach, wou den Däitsche Bundestag zousätzlech Informatiounen zu dësem Thema gefrot huet. Am Dokument "Ergänzende Informatiounen zur Asylstatistik für das Jahr 2018" ass op Säit 29 festgehalten, dass mat Handy-Ënnersichungen an 64% vun de Fäll guer keng zousätzlech Informatiounen zur Identitéit vun der Persoun konnte gesammelt ginn. Nëmme an 2% vun de Fäll huet d'Ënnersichung vum Handy fir enger Richtegstellung vun der Identitéit gesuergt.



An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. A wéi ville Fäll sinn, säit dem a Kraaft triede vum Gesetz vum 5. Mee 2006, Handyen oder aner elektronesch Geräter vum DPlen, bei hirer Arrivéé héi am Land, vun der Police ënnersicht ginn ?
 - A wéi ville Fäll huet d'Ënnersichung vun den elektronesche Geräter, näischt zur Feststellung vun der Identitéit vun der Persoun konnte bäidroen?
 - An wéi ville Fäll konnte bei dësen Ënnersichungen zousätzlech Informatiounen zur Identitéit vun der Persoun festgestallt ginn?
2. Op Basis vun den aus der Fro 1 ervirgoenden Zuelen, ass d'Regierung der Meenung, dass dësen Agrëff an d'Privatsphär vun DPlen proportionell ass?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député





CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 23 avril 2021

Objet : Question parlementaire n° 4146 du 23.04.2021 de Monsieur le Député Sven Clement
- Fouille numérique des appareils électroniques des demandeurs de protection
internationale

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai
d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés